

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30. Juli 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Kulturminister weiderzeleeden.

Et ass net zanter gëschter, datt sech d'Bibliothekären hei am Land negativ zum Gesetz vum 24. Juni 2010 „relative aux bibliothèques publiques“ äusseren, dat hirer Meenung no autoritär a reaktionär Elementer ëmgräift, déi net méi den Ufuerderunge vun enger moderner Bibliothék entsprechen. Vill Bibliothekäre wënsche sech an hirem Beruff eng méi grouss Autonomie wéi déi, déi hinne vun dësem Gesetz zougemooss gëtt. Dës Autonomie bezitt sech souwuel op d'Öffnungszäite vun de Bibliothéike wéi och op d'Bicherkollektiounen.


An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Madamm Ministesch:

- 1) Am Art. 5 vum genannte Gesetz steet: „La bibliothèque publique met à la disposition de ses usagers une collection justifiant d'un caractère d'actualité, relative aux principaux domaines du savoir et de la culture au moins dans les trois langues prévues par la loi du 24 février 1984 sur le régime des langues. Les critères définissant les thèmes, le nombre des ouvrages et collections ainsi que les supports sont précisés par voie de règlement grand-ducal.“ Ass d'Madamm Minister der Meenung, datt dës dirigistesche Approche zum Bibliothékswiesen nach zäitgeméis ass? Ginn et Iwwerleeungen, fir de Bibliothekären eng méi grouss Autonomie zouzegestoen, wat Themen, Bicherzuel a Supporten ugeet?
- 2) Am Règlement grand-ducal vum 4. Juli 2010 „portant exécution de la loi du 24 juin 2010 relative aux bibliothèques publiques“ steet am Artikel 3: „La bibliothèque publique met à la disposition de ses usagers a) une collection incluant (...) une offre équilibrée d'ouvrages (...) sur l'histoire de la construction et le fonctionnement de l'Union européenne, dont l'accès aux bases de données en ligne du Centre virtuel de la connaissance de l'Europe.“ De CVCE gouf 2015 awer opgrond vun engem Beschluss vun der Lëtzebuerger Regierung an d'Uni Lëtzebuerg integréiert. Ass dru geduecht, fir dësen obsolete Passus am mentionéierte Règlement ze sträichen?
- 3) Ee weidere Punkt, dee vu ville Bibliothekären ugeprangert gëtt, sinn déi extrem prezis Virschreften am genannte Règlement grand-ducal, wat d'Öffnungszäite vun de Bibliothéiken ugeet. Am Artikel 2 heescht et nämlech: „La bibliothèque publique telle qu'elle est définie à l'article 2 de la loi relative aux bibliothèques publiques est tenue

d'offrir à ses usagers des horaires d'ouverture à raison de douze heures par semaine au moins, parmi lesquelles doivent se trouver au moins deux des trois plages d'heures d'ouverture suivantes: une heure entre midi et 14 heures à un jour ouvrable de la semaine ; jusqu'à dix-neuf heures à un jour ouvrable de la semaine ; au moins deux heures le samedi." Ginn et an dësem Kontext Iwwerleeunge vun der Regierung, fir mat de Verrieder vun de Lëtzebuerger Bibliothekären eng Konventioun ze ënnerschreien am Hëllef op eng méi grouss Flexibilitéit vun den Ëffnungszäite vun eise Bibliothéiken?

- 4) Ginn et Studien, déi beleeën, datt d'Bibliothéikegesetz vun 2010 eng Verbesserung bruecht huet, wat d'Qualitéit vun de Bibliothéiken an d'Zefriddenheet vun de Benotzer ugeet? Sinn duerch dëst Gesetz nei Bibliothéiken entstanen?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten